

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture	8
Référence : 46 / 2025	
- 3 JAN. 2025	
A traiter par :	
Copie à :	

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden:

„D'kënschtlech Intelligenz (KI) wäert an Zukunft ëmmer méi Deeler vun eiser Gesellschaft betreffen, sou datt zimmlech all beruflech Acteuren net derlaanscht kommen, fir sech domat ze befaassen a sech an deem Sënn och weiderzebilden.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau folgend Froe stellen:

- A wat fir engem Mooss sinn eis Landwirtschaft, awer och eis Gäertner a Wënzer elo scho vun der KI betraff?
- Wéi gesäit de Moment d'Weiderbildung an deem Beräich konkret aus?
- A wat fir enge Sparte vun der Landwirtschaft kéint d'KI zu enger (spierbarer) Entlaaschtung vun eise Baueren, Gäertner a Wënzer féieren?“

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Luc EMERING
Deputéierten



**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 1722
vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

- A wat fir engem Mooss sinn eis Landwirtschaft, awer och eis Gäertner a Wënzer elo schonn vun der KI betraff?

An der Landwirtschaft, am Gaardebau an am Wäibau ginn et méttlerweil vill KI-Uwendungen, déi sech an de Betriber, jee no Struktur a Gréisst, etabléiert hunn. De Betribsleeder huet vill Entscheedungen ze treffen, déi den Ertrag vun de Kulturen oder de Gesondheitsstatus vu senger Béischte beaflosst. Bei dësen Managementdecisiounen ka KI hëllefbräich si fir Donnéeën ze verschaffen, ze ergänzen an duerzestellen. Sou kënnen Entscheedungen oft besser a méi einfach geholl ginn, wat e positiven Effekt op d'Produktioun, a punkto Nohaltegkeet, Wirtschaftlechkeet, a Klimaschutz huet.

Um Felder sinn déi modern Trakteren a Maschinnen oft mat Sensoren equipéiert, déi hir Aarbechtsprozesser iwwerwaachen an optiméieren. Et ass zum Beispill méiglech, op Basis vu Sensordaten a GPS-Koordinaten, dat énnerschiedlech Ertragspotenzial op engem Feld ze bestëmmen. Dëst erlaabt et Saatgut, Planzeschutzmëttel oder Dünger méi geziilt auszebréngen, andeems d'Maschinn automatesch d'Doséierung upasst.

Eng App op Basis vu kënschtlecher Intelligenz, déi de Wënzer beréit, wéi en d'Riewen optimal schneide soll, steet kuerz virun der Kommerzialiséierung. Zënter Jore ginn zu Lëtzebuerg Prognosemodeller an der Landwirtschaft agesat, fir Planzekrankheeten, Planzewuesstem a Beiekrankheet virauszesoen, énnere anerem op Basis vun den Donnéeën vun de Wiederstatiounen vun der ASTA. Dës Informatiounen ginn de Baueren, Gäertner a Wënzer iwwer agrimeteo.lu an aner Kanäl zur Verfügung gestallt a liwwere wichteg Elementer fir nohalteg Bewirtschaftungsentscheedungen ze treffen.

An der Déiereproduktioun kënnen KI-gestëtzten Applikatiounen zu enger besserer Déieregesondheet an Déierewuel bäidroen a sou natierlech d'Effizienz verbessern. Vill Betriber setzen haut scho Sensoren an, wéi zum Beispill Halsbänner a Pedometer, fir d'Aktivitéit vun hire Kéi ze moossen. Dëst erlaabt, Réckschlëss op de Gesondheitszoustand vun den eenzele Kéi ze zéien. Och am Melkroboter a Melkstand gi ganz vill Daten erfaasst. Dës Systemer signaliséieren dem Bauer, wa gréisser Ofwäichunge vum normale Verhalen optrieden. Sou kënnen metabolesch Problemer bei Kéi mat Zäit erkannt ginn, an duerch eng ugepasste Fütterung kann dësen entgéint gewierkt ginn. Doduerch kann den Asaz vu Medikamenter an Antibiotiken reduzéiert ginn.

Des Weidere gräift den am Kader vun der Agrarreform vun 2023 agefouerten Area Monitoring System (AMS), deen an de landwirtschaftleche Verwaltungen SER an ASTA genotzt gëtt, op kënschtlech Intelligenz zeréck. An dësem System gi Satellitbilder vum europäesche Copernicus-Programm benotzt, wat et erméiglecht, Aktivitéiten op de landwirtschaftleche Flächen automatiséiert ze iwwerwaachen. Obwuel dëse System haaptsächlech eng Kontrollfunktioon huet, kann en de Betriber d'Aarbecht erliichteren, andeems een Ännerungen direkt selwer am System kann androen, ouni se iwwer d'Verwaltung mussen ze mellen.

- **Wéi gesäit de Moment d'Weiderbildung an deem Beräich konkret aus?**

D'Weiderbildungsmoosnamen, déi vun de landwirtschaftlechen Organisatioune fir de Secteur organiséiert ginn, kënnen laut Artikel 72 vum Agrargesetz mat bis zu 100% vun de förderfähigen Käschte subventionéiert ginn. An deem Kader hu mir bis elo kee Cour subventionéiert, deen sech ausschliisslech mat der Thematik KI befaasst huet.

Aktuell lafen 13 Fuerschungs- an Innovatiounsprojete, déi vum Landwirtschaftsministère finanzéiert ginn, an deene konkret KI agesat gëtt. Den Output vun dese Projete steet alleguer den Acteure vum Agrarsecteur zur Verfügung. Duerch des Projete kënnen d'Bauern, Gäertner a Wënzer schonn haut vu KI-generiertem Wëssen an hirer deeglecher Aarbecht profitéieren. Bei dese Projeten spillt d'Wëssensverméttlung un de Bauer, Gäertner a Wënzer eng wichteg Roll.

- **A wat fir enge Sparte vun der Landwirtschaft kéint d'KI zu enger (spierbarer) Entlaaschtung vun eise Baueren, Gäertner a Wënzer féieren?**

D'Äntwertelementer zu deser Fro sinn an der 1. Fro enthalen.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2025

D'Ministesche fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau
(s.) Martine HANSEN